ELEFANTERONN

Europa wielt !

De 26. Mee sinn zu Lëtzebuerg d'Wale fir d'Lëtzebuerger Vertrieder*innen am Europaparlament. Déi eenzeg fräi an demokratesch gewielt länneriwwergräifend Institutioun op der Welt huet an de leschte Joren ëmmer méi Gewiicht kritt, an hier Entscheedungen hunn en direkten Afloss op den Alldag vun eis all.

Et sinn dëst vläicht déi wichtegst Walen, déi jee an Europa ofgehale goufen. Walen, déi doriwwer entscheede kéinten, ob d'Bierger*innen an Europa de Wee vun enger weiderer Verdéiwung vun der europäescher Integratioun goe wëllen, oder éischter net.

Et ass wichteg, datt d'Wieler*innen sech kënnen iwwert déi ënnerschiddlech Positioune vun den eenzelne Parteien zum Thema Europäesch Unioun informéieren.

Dofir invitéiere mir op eng ëffentlech

E L E F A N T E R O N N

de 7. Mee vun 18.00 bis 20.30 am Centre Culturel Tramsschapp

49, rue Ermesinde
L-1469 LUXEMBOURG (Limpertsberg)

De Parking ënner dem Tramsschapp steet zu ärer Verfügung.

Mellt lech w.e.g. online un op: https://europa.eu/!Nv86PB

Participante:	**Gast Gybérien (ADR), Christophe Hansen (CSV), Tilly Metz (Déi Gréng), Joe Thein (Déi Konservativ), David Wagner (Déi Lénk), Charles Goerens (DP), Ali Ruckert (KPL), Nicolas Schmit (LSAP), Daniel Frères (Piraten), Christopher Lilyblad (Volt).**
18h00	**Auslousen vun den Participante fir déi zwou Tables rondes**
18h05 – 19h05	**éischt Table ronde**
	Paus mat engem Patt
19h30 – 20h30	**zweet Table ronde**

Duerch den Owend féieren d'Fanny Kirsch an de Jürgen Stoldt.

D'Elefanteronn gëtt a Lëtzebuerger Sprooch ofgehalen. Iwwersetzungen op Franséisch an Däitsch sinn virgesinn.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Parlement européen Bureau au Luxembourg
Commission européenne Représentation au Luxembourg
ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung